

„Science sans conscience n'est que ruine de l'âme“

Wéi Recht de Rabelais mat dësem Zitat huet, krute mer vun der beschtbekannter Bioethikerin Blanche Streb an hirem ergräifende Virtrag am Centre Jean XXIII plastesch vrun Ae geféiert. Si huet äis gewisen datt Wëssenschaft a Medizin bewonnernswert Errungenschaften am Dängscht vun der Mënschheet bedeite kënnen, anerersäits awer och e blanne Fortschrëttsglawen net ubruecht ass, wann en net vu moralesche Prinzipien geled ass. Dësen Zwiespalt weist sech besonnesch am Beräich vun der Bioethik,

De Mënsch huet dat natierlecht staarkt Bedürfnis d'Liewe weiderzeschenken, a sou an engem gewësse Sënn a senge Kanner weiderzeliewen. Duerfir ass Onfruchtbarkeet, déi duerch d'Emweltverschmutzung an de läschte Joren dramatesch zougeholl huet, e grousst Leed, an et ass also normal, datt d'Medizin bestriift ass, dene betraffene Koppelen ze hëllef.

Leider ass et net ëmmer einfach déi physesche oder psychesche Ursaachen rauszefannen, an (och net ëmmer méiglech se ze behiewen. Dofir wielen haut vill Dokterinnen dee méi einfache Wee, a rodene der Koppel zu enger PMA, d.h. enger kënschtlecher Befruuchtung. Hei entsteet d'Kand net méi äis der kierperlecher Verbindung vu Mann a Fra, mee am Labor duerch e Fachmann.

Ausserdeem fënnt do eng Selektioun statt vu sougenannten liewenswerten Embryoen an net liewenswerten, déi einfach eliminéiert ginn.

Längst ass dat net nëmme de Fall bei enger schwéierer genetischer Krankheet, mee souguer bei ëmmer méi niewesächlechen „Onvollkommenheeten“ wéi z.B. dem Balukken !

Hei ass et also net méi d'Natur mee den Dokter den iwwer Liewen an Doud entscheed. Eng bedenklech Saach. Och d'Schicksal vun den iwwerzählege Embryoen, déi net méi gebraucht, an zerstéiert oder fir Forschungszwecker benotzt ginn, ass e weidere Gewëssenskonflikt.

Eng ethesch Grenziwwerschreidung zitt anerer no sech: sou entsteet duerch d' Méiglechkeet vun der kënschtlecher Befruuchtung och de Wonsch bei Homokoppelen , jo souguer Eenzelpersonen no engem Kand. Hei handelt et sech ëm eng PMA (procréation médicalement assistée) mat Friemspender, wou d'Kand ouni Papp opwuesse muss. Am Fall vun enger Koppel vun zwee Männer handelt et sech ëm eng GPA (gestation par autrui), also eng Leihmutterchaft, wou eng Fra dat Kand, dat hir während 9 Méint un d'Häerz gewues ass, einfach weggëtt, eng onmënschlech Praxis, déi zwar bei eis verbueden ass, mee wou et weltwäit e Maart gëtt, dee schwéier ze ënnerbannen ass.

Op dëser grousser Foire kann een de Friemspender am Katalog bestellen, an d'Preislag variéiert je no Intelligenzquotient, Berühmtheit, sportlecher oder musescher Begabung...

Bei alldem ass d'Kand eng bestellbar Wuer, an et gëtt net gefrot wéi et him derbäi geet, a wéi eng Konsequenzen dat op säi Selbstverständnis a säi séilescht Befannen huet. Dat ass Niewesaach!

Dëst ass nëmme en Deel vun den Enjeu'en, ob déi d'Riednerin opmierksam gemaach huet, an domat drop higewisen huet, datt d'Mënschheet net nëmme virum physeschen, mee och virum moralesche Kollaps steet, wa mer lo net handelen, Neen son, a Grenzen setzen géint en Transhumanismus, wou nëmme de Wonsch vum Einzelnen zielt, an eng nei Elite vum “homme augmenté dans le monde des meilleurs” ze herrsche sicht.

„Was nützt es dem Menschen, wenn er die ganze Welt besitzt, aber an seiner Seele Schaden erleidet?“ (Matth. 16,25)